LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

REÇU
Par Alff Christian , 12:27, 11/06/2020

Luxembourg, le 11 JUIN 2020

Monsieur Marc HANSEN
Ministre aux Relations avec le Parlement
LUXEMBOURG

Objet: **Réponse commune de Monsieur le Premier Ministre, Ministre d'État, et Ministre des Cultes à la question parlementaire n°2242 des honorables Députés Gast GIBÉRYEN et Fernand KARTHEISER au sujet du déconfinement des Cultes.**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse à la question parlementaire n°2242 du 19 mai 2020 de Messieurs les Députés Gast GIBÉRYEN et Fernand KARTHEISER.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

Le Premier Ministre

Ministre d'État

**Gemeinsam Äntwert vum Här Staatsminister an Kultusminister op d'parlementaresch Fro n°2242 vum 19. Mee 2020 vun den Honorabelen Deputéierten Gast GIBERYEN an Fernand KARTHEISER**

D'Regierung huet a senger Confinements- an Deconfinementsstratégie all fundamental Mënscherechter, inklusiv d'Reliounsfräiheet, ëmmer versicht esou wéineg wéi méiglech an nëmmen esou laang ewéi néideg anzeschränken.

Betreffend d'Reliousfräiheet, sief och drun erënnert, datt, wat d'Kathoulesch Kierch beträfft, d'Gottesdéngschter an der Kathedral weiderhin ofgehale konnte ginn, an och d'Oktav esou konnt stattfannen.

Dës Weideren, huet déi rezent Aktualitéit leider och erëm bewisen datt reliéis Handlungen mat engem Public eng Zort Veranstaltung kënne sinn wou de Virus sech gutt ka propagéieren. Et wor deementspriechend besonnesch wichteg fir den Deconfinement vun de Kulten adequat virzebereeden.

Op Ufro vum Kultusminister hunn all déi verschidden konventionéiert Reliounsgemeinschaften dem Kultusdépartement e *"projet de stratégie de déconfinement"* fir hier Reliounsgemeinschaft zoukomme gelooss.

All dës Projeten sinn dunn vun der Santésdirektioun aviséiert ginn.

Duerno hat de Kultusminister den 22. Mee 2020 eng Reunioun mat de konventionéierten Reliounsgemeinschaften fir zesummen iwwert d'Preparatioun vum Deconfinement ze diskutéieren.

De 29. Mee 2020 ass schlussendlech d'Ofännerung vum *règlement grand-ducal du 18 mars 2020 portant introduction d'une série de mesures dans le cadre de la lutte contre le Covid-19* a Kraaft getrueden, den eng Reprise vun de kultuellen Aktivitéiten mat Präsenz vun der Ëffentlechkeet erëm erméiglecht huet.

Dës Reprise ass no regelméissegen Echangen tëschent dem Kultusdepartement an de Reliounsgemeinschaften entstanen. De Kultusminister den zoustänneg ass fir all konventionéiert Reliounsgemeinschaften, huet de verschiddene Reliounsgemeinschaften missten déi néideg Zäit loossen fir hier Deconfinementsstratégie kennen ze preparéieren iert um Enn eng kollektiv Reunioun, den 22. Mee 2020 konnt stattfannen.